

1 op ee bléck

3 editorial

6 pedagogie

Das Projekt "Soziales Engagement"
EPF @ YEP Schoulfoire
Eltern mobilisieren gegen "Bücherberge"

14 d'liewen um fieldgen

Joyeux anniversaire!
Eis nei Gesondheetsministesch, Martine Deprez
1st Responsible Finance Day
1st Sustainable Entrepreneurial Competence Day
Table ronde politique - Europawalen
Super-Wal-Kiermes
Freidays: Ein Schulfach für die Zukunft
Kant-Workshop am Fieldgen
Mérite Jeunesse - Remise des insignes
Girls Exploring Math
Atelier "Scienceteens Lab"
Echange entre élèves de classes supérieures
et des élèves de 5G
Fieldgen goes Solar
Echange Erasmus+ à Brest
Nationalfeierdag
Wir Waisenkinder
Let's Talk Social Media
EcoCup / EcoMëtsch
Semaine Projets
epFit
Option photographie

fieldgen for future **72**

De Fieldgen, eng nohalteg Schoul

iwwer gott an d'welt **75**

Oktav 2024

Wie ich in Jesus neue Hoffnung fand

solidarity@fieldgen **78**

Semaine Raoul Follereau 2024

bei kaffi a kuch **79**

Interview mam Sandy Watry

internat **82**

Graffiti-Atelier am Internat

aus dem CDI **84**

It's HIM

Throwback on a Magical Night

scho gewosst **86**

200 Jahre Beethovens Neunte

presse-revue **87**

photo-revue **88**

zu gudder läscht **92**

Editorial

Christiane Genewo
Deutschlehrerin



In diesem Sommer wird Paris im Ausnahmezustand sein, denn dort werden ab dem 26. Juli bis zum 11. August 2024, über die ganze Stadt verteilt, Wettbewerbe der Olympischen Spiele stattfinden. Deren Ursprung geht auf das Jahr 776 v. Chr. zurück, als die Griechen, ausschließlich Männer, alle 4 Jahre in Olympia gegeneinander antraten. Damit die Zuschauer, aber vor allem auch die Athleten, sich sicher zu den Wettkampfstätten auf der Halbinsel Peloponnes begeben und dieses sportliche Ereignis feiern konnten, wurde Monate vor den Wettkämpfen eine Waffenruhe ausgerufen, deren Zweck darin bestand, für die Zeit der Spiele die Kriege und Konflikte zwischen den Städten einzustellen. Mehr als 1000 Jahre lang - dies bezeugen Historiker, Schriftsteller und Dichter - wurden die Olympischen Spiele des Altertums ausgetragen. Es war der römische Kaiser Theodosius I., der im Jahr 393 n. Chr. diese heidnischen, dem Götterkönig Zeus gewidmeten Feste einstellen ließ.

Es dauerte bis ins 19. Jahrhundert, bis die Olympischen Spiele wieder eingeführt wurden. Der Franzose Baron Pierre de Coubertin interessierte sich sowohl für die Olympischen Spiele des Altertums als auch für die Erziehungswissenschaften. Er war der Meinung, dass es wichtig sei, den Sport in den Schulunterricht zu integrieren, eine völlig neue Idee zu dem Zeitpunkt. Allerdings waren nicht alle damaligen Erziehungswissenschaftler überzeugt davon, dass Sport wichtig sei für junge Menschen, und es galt, einiges an Überzeugungsarbeit zu leisten. De Coubertin hielt an seiner Idee fest, seine beiden Leidenschaften Sport und Erziehung zu kombinieren. Ihm schweb-



te vor, die Olympischen Spiele wieder einzuführen. Seine Vision war es, die Spiele der Antike auszuweiten und sie international und modern zu gestalten. Am 23. Juni 1894 gründete er diesbezüglich in Paris eine Vereinigung, das spätere Internationale Olympische Komitee (IOC). Zwei Jahre später, 1896, wurden die ersten Olympischen Spiele der Neuzeit, in Athen, der Wiege der alten Spiele, ausgerichtet. Seither finden die Olympischen Spiele, genau wie in der Antike, alle 4 Jahre statt, sie werden allerdings immer an anderen Orten ausgetragen.

Auch diese neuen Spiele waren anfangs nur den Männern vorbehalten, aber schon 1900, bei den Spielen von Paris, änderte sich das. Heute, 124 Jahre später, treten wiederum in Paris genauso viele Frauen wie Männer an und das in allen 25 zum offiziellen Programm gehörenden Sportarten. Zusätzlich genehmigte das IOC gleich vier neue Sportarten für diese Sommerspiele 2024: Breaking, Skateboarden, Sportklettern und Surfen. Es liegt auf der Hand, dass nicht in Paris auf der Seine gesurft wird, das ginge ja gar nicht. Vielmehr ist der Surfspot in Teahupo'o auf Tahiti. Übrigens das Reitspringen und die Dressur finden im wunderschönen Schlosspark von Versailles statt und die Basketball-Vorentscheide in Lille.

Die Olympischen Winterspiele gibt es erst seit 1924, da Wintersportarten immer beliebter wurden und dadurch die Notwendigkeit bestand, sie ebenfalls ins olympische Programm aufzunehmen. Der erste Austragungsort war das am Fuße des Mont-Blanc gelegene Dorf Chamonix in Frankreich. Auch die Winterspiele werden alle 4 Jahre abgewickelt in einem zweijährigen Zeitabstand zu den Sommerspielen.

Symbol der Olympischen Spiele sind die in sich verschlungenen 5 Ringe in den Farben Blau, Schwarz, Rot, Gelb und Grün. Während der Spiele weht die olympische Fahne, worauf die 5 Ringe auf weißem Grund zu sehen sind. Pierre de Coubertin stellte sie im Juni 1914 auf



PARIS 2024





dem Olympischen Kongress in Paris vor. Da wegen des ersten Weltkrieges keine Spiele im Jahr 1916 in Berlin ausgetragen werden konnten, wehte die Fahne offiziell zum ersten Mal 1920 im Olympiastadion in Antwerpen.

Wofür stehen denn nun diese 5 Ringe? Die Zahl der Ringe bezieht sich auf die 5 Kontinente Europa, Amerika, Australien, Afrika und Asien. Die 6 Farben allerdings (die Flagge hat einen weißen Hintergrund) sind so gewählt, dass jedes teilnehmende Land mindestens eine dieser Farben in seiner nationalen Flagge wiederfindet als Zeichen für Freundschaft und internationalen Zusammenhalt.

Ein weiteres Symbol der Olympischen Spiele ist die Fackel. Einige Monate vor Beginn der Spiele wird sie am Ursprungsort, in Olympia, in einer feierlichen Zeremonie entzündet, um dann in einem Staffellauf bis zum Austragungsort gebracht zu werden. In diesem Jahr wird die Flamme auf dem Weg nach Paris auch durch Luxemburg getragen werden. Es ist die ehemalige Tennisspielerin Anne Kremer, die die große Ehre haben wird, am 27. Juni die Fackel bei Schengen an den nächsten Läufer zu übergeben. Es ist nicht von ungefähr, dass dieses brennende Feuer als Botschaft des Friedens und der Freundschaft durch Schengen, den im Großherzogtum gelegenen Ort an der Grenze zu Deutschland und Frankreich, getragen wird. Am 14.06.1985 unterzeichneten zunächst die Bundesrepublik Deutschland, Frankreich, sowie die BeNeLux-Länder Belgien, die Niederlande und Luxemburg das Abkommen von Schengen über den schrittweisen Abbau der Personenkontrollen an den Binnengrenzen zwischen den Vertragsparteien. Mittlerweile wurde dieses Abkommen auf die Mitgliedsländer der Europäischen Union ausgeweitet.

Einer der Höhepunkte der feierlichen Eröff-

nungsfeier der Olympischen Spiele ist die Ankunft und Entfackung des Feuers. Das olympische Feuer wird während der ganzen Dauer der Spiele brennen. Zuvor sind die Athletinnen und Athleten hinter der Fahne ihres Landes ins Stadion eingezogen. Auch wenn die Länder alphabetisch eintreffen, führt Griechenland, in Erinnerung an die ursprünglichen Spiele, den Zug an, während die Delegation des Gastlandes ihn abschließt.

Da die Olympischen Spiele laut dem Visionär und Gründer Pierre de Coubertin zum Ziel haben, Sport und Erziehung miteinander zu verbinden, lautet die Devise dieser Wettkämpfe: *citius, altius, fortius*, was so viel heißt wie schneller, höher, stärker. Der olympische Geist kommt also in diesen drei Werten zum Ausdruck.

Zuerst soll der Athlet nach Höchstleistung in dem von ihm zu erreichenden Rahmen streben. Er soll sich selbst übertreffen, was nicht unbedingt heißt, dass er Erster sein muss. Vielmehr geht es darum, über sich hinauszuwachsen, Kampfgeist zu zeigen, was einen Sieg an sich ausmacht.

Dann wird ein anderer Wert, nämlich der Respekt anderen und sich selbst gegenüber hochgehalten, das Fairplay. Regeln müssen eingehalten werden. Dazu gehört, dass die Bestimmungen des Welt-Anti-Doping-Codes befolgt werden, auch wenn der Druck durch persönlichen Ehrgeiz, Erwartungen der Sponsoren manchen Athleten dazu verleiten, zu unerlaubten, jedoch leistungssteigernden Substanzen zu greifen. Hierdurch werden Resultate verfälscht, die Chancengleichheit wird verhindert und das Vertrauen des Publikums missbraucht. Fairplay geht anders.

Die dritte in der Charta der Olympischen Spiele verankerte Devise ist die der Freundschaft, denn der Sport soll dazu führen, sich anderen gegen-

über zu öffnen, Unterschiede zu akzeptieren und tolerant zu sein.

Während früher die Athleten sich selbst um Unterkunft und Verpflegung kümmern mussten, kommen sie heutzutage in einem extra dafür geschaffenen olympischen Dorf unter, das während der Spiele einem Hochsicherheitstrakt gleicht, spätestens seit den Attentaten auf die israelischen Athleten 1972 in München. Hoffentlich sorgt der wieder aktuelle Konflikt zwischen Israel und Palästina nicht auch dieses Jahr in Paris für terroristische Anschläge.

Wenn alle organisatorischen Details geklärt sind, folgt die alles entscheidende Frage: Wer soll das bezahlen? Ein solches Großereignis kostet sehr viel Geld. Eine der ganz bedeutenden Einnahmequellen sind die Übertragungsrechte der Fernsehanstalten, die in Paris, laut offizieller Seite „Paris 2024“ mit 750 Millionen Euro zu Buche schlagen werden. Hinzu kommen Sponsoren, beziehungsweise Partnerschaften mit multinationalen Unternehmen, wie beispielsweise Airbnb, Toyota, Omega oder Coca-Cola und vielen anderen mehr, die eine Summe von 470 Millionen Euro in die Kasse spülen werden. Das IOC wird die Olympischen Spiele von Paris mit einem Budget von 435 Millionen US-Dollar unterstützen. Insgesamt wird demnach fast das gesamte Budget (96 Prozent) privat finanziert. Lediglich 4% wird zu Lasten des französischen Staates also des Steuerzahlers sein, Gelder, die wahrscheinlich durch den Tourismus wieder eingenommen werden, denn in Paris werden Sportfans aus aller Welt erwartet.

Das IOC, das Internationale Olympische Komitee, das, wie oben erwähnt, 1894 von Pierre de Coubertin gegründet wurde, zählt heute mehr als 100 Mitglieder aus den Nationalen Olympischen

Komitees (NOK). Laut der Webseite des großherzoglichen Hofes, monarchie.lu, schloss sich der Großherzog 1998 dem IOC an. Manchmal nimmt er an Sitzungen der IOC-Mitglieder teil und seit 1999 ist er Mitglied der olympischen Solidaritätskommission. Großherzog Henri ist durch und durch sportbegeistert und verpasst keine Spiele. Er besucht jene Wettkämpfe, an denen Luxemburger teilnehmen, und er besucht diese Athleten im olympischen Dorf. Das IOC hat seinen Sitz in Lausanne, dem kleinen, verschlafenen, aber wunderschönen Städtchen am Genfer See.

Ab dem 26. Juli 2024 werden also sowohl die Zuschauer als auch die Athletinnen und Athleten wieder viele emotionale Momente erleben, ob vor den Bildschirmen oder live in den Stadien oder anderen Austragungsstätten. Es werden in allen Disziplinen Gold-, Silber- und Bronzemedailles vergeben werden, auf deren Vorderseite, wie vom IOC normiert, das Abbild der griechischen Siegesgöttin Nike zu sehen ist. Und schließlich werden alle Sieger sein, denn für viele ist allein schon die Teilnahme an den Olympischen Spielen alles.

Alle Sportbegeisterten freuen sich, wenn der Staatschef Frankreichs, Emmanuel Macron, bald sagen wird: „Ich erkläre hiermit die Olympischen Spiele von Paris, mit welchen die XXXIII. Olympiade der modernen Ära begangen wird, für eröffnet.“



Das Projekt „Soziales Engagement“ am Fieldgen im Rahmen der Ziele für Nachhaltige Entwicklung (Sustainable Development Goals, SDGs) der Vereinten Nationen



Mark Krämer
Religionslehrer

Seit vielen Jahren verlassen unsere Schüler und Schülerinnen der 3C für eine Woche das Schulgebäude und begeben sich in verschiedene soziale Einrichtungen des Landes, um dort ein Sozialpraktikum abzuleisten. Dieses Projekt ist eine Variante des moralischen Lernens. Durch ihre Erlebnisse können die Schülerinnen die Bedeutung und den Wert sozialen und karitativen Engagements außerhalb von Schule entdecken und einsehen. Somit versteht sich dieses Praktikum als ein Beitrag zur sozialen Handlungsorientierung, d.h. die Schülerinnen sollen durch die Tätigkeit in einer sozial-karitativen Institution soziale Orientierungen für ihr Handeln gewinnen, was auch einen Bezug zum pädagogischen Konzept unserer Schule hat.

Um dieses Projekt noch nachhaltiger zu gestalten, haben wir uns entschlossen, aus diesem einwöchigen Praktikum ein soziales Engagement zu machen, das sich über das ganze Schuljahr zieht. Dadurch können eventuell einige der

Schüler und Schülerinnen sich für ein längerfristiges Engagement begeistern und die Bedeutung einer kontinuierlichen Mitarbeit in einem sozial-karitativen Bereich erkennen. Grundlage hierfür sind die Ziele für Nachhaltige Entwicklung (Sustainable Development Goals, SDGs) der Vereinten Nationen, die im Jahr 2015 von der UN-Generalversammlung verabschiedet wurden und ein Kernelement der Agenda 2030 für Nachhaltige Entwicklung sind. Die Schüler und Schülerinnen suchen sich eine oder mehrere ehrenamtliche Arbeitsstellen in Institutionen, in denen sie mindestens 45 Stunden im Laufe des Jahres mitarbeiten müssen. So waren beispielsweise dieses Jahr unsere jungen Leute im Einsatz in Tierheimen, im Jugendkonvent, in Jugendhäusern, Altenheimen, bei der Caritas, bei Handicap International, UNICEF, Fondatioun Kriibskrank Kanner, Rotes Kreuz, Aides Philippines, Cent Buttek, CGDIS... Als Ausgleich haben sie dafür eine Stunde weniger Unterricht in diesem Schuljahr.





Durch das Scannen folgender QR-Codes kommen einige Schüler und Schülerinnen mit ihren Erfahrungen zu Wort.



EPF @ YEP-Schoulfoire

3^e édition

Luxexpo - du 21 au 24 avril 2024


Chiffres: environ 14.000 visiteurs
(élèves du cycle 4 de l'école fondamentale, lycéens et leurs parents)

Classes qui ont visité la Schoulfoire:

6G5 - 6G6 - 5G1 - 5G7 - 5AD1 - 5AD2 - 5P - CIP / COP
La classe DP2-ED2 a animé un atelier.




- s'informer sur l'orientation scolaire et professionnelle
- participer à des ateliers et découvrir ainsi des professions
- observer des compétitions dans le cadre des « Luxskills »
- rencontrer des patrons et postuler pour un poste d'apprentissage au « Léierplazendag »



Léierplazendag: Le but du “Léierplazendag”, qui avait lieu le lundi 22 avril de 9h à 12h, est de réunir des personnes à la recherche d’un apprentissage et les entreprises à la recherche d’un apprenti.

Lycéeën: Quel lycée choisir? Chaque lycée du pays a la possibilité de se présenter et d’entrer directement en contact avec les élèves et leurs parents intéressés.

Formationswelten: Les jeunes sont invités à visiter, découvrir, voire expérimenter 9 univers de formation. Ils peuvent ainsi s’informer et se faire une idée plus concrète de leur orientation future. Plus de détails à la page suivante.



Educatiounssystem: Présence du MENJE, de la maison de l’orientation, du CEPAS, SIA, ... Qu’est-ce qui est nouveau, comment trouver la bonne voie dans l’offre scolaire bien fournie? Quelles nouveautés se sont développées dans le monde de l’éducation au Luxembourg ces dernières années?

Atelieren & Shows: réservés aux élèves de l’école fondamentale qui peuvent découvrir de façon ludique et pédagogique des sujets traités à l’école et découvrir leurs talents cachés.

Luxskills: Concours national, championnat dans 12 domaines professionnels: maintenance aéronautique, technologies automobile, mécanique de vélos, carrelage, coiffure, soins esthétiques, cyber sécurité, arts graphiques, ...

Les 9 univers de formation et exemples d'ateliers proposés


1. Construction, réalisation et création:

construction d'un avion en bois avec panneaux solaires, atelier génie civil, présentation *Tiny House*, les bases de la taille de pierres, atelier de menuiserie, atelier mosaïque, le métier du dessinateur en bâtiment, ...



2. Nature et environnement:

visite virtuelle d'une exploitation agricole, création d'un jardin miniature, écosystème en bocal, playstation forêt, atelier fleurs, ...



3. Tourisme, gastronomie, hôtellerie:

ateliers cocktails sans alcool, découverte d'herbes aromatiques, ateliers de boulangerie, pâtisserie, boucherie, charcuterie, show-cooking, ...



4. Industrie et mécanique:

ligne de montage, démonstration hydraulique, simulateur soudure, plier un coeur en métal, discover aviation, selfie avec une turbine, voiture électrique E-UP, mécatronicien de cycles,...



5. Sciences, technologies, informatique:

lumière et optique, réaliser un chauffe-mains soi-même, réaliser des savons, atelier microscope, impression 3D, ballistique, LEGO Pi-petting Robot, atelier aérodynamique, réaliser des pages web, ...

6. Santé et esthétique:

atelier opticien, aide-soignant: casque de réalité virtuelle, infirmier: gestes de 1^{er} secours, apotheca: fabriquer sa crème de soins, pen-tattoo, hairy-up, offres de soins, ...

7. Economie, finances, vente:

quiz sur le commerce, europass, présentation des métiers de l'assurance, quiz: métiers de l'investissement, sneaker e-shop, simulateur chariot-élévateur, quiz interactif logistique, ...



8. Art, culture et langues:

théâtre d'improvisation, atelier design graphique avec collages, taguer une sculpture, graffiti sur toile géante, free play: piano giraffe, ...



9. Ecole, éducation et société:

GG Gender Spill, atelier pédagogique de l'aventure, rallye des jeux, découvrir le Snoezelen, super kermesse électorale, atelier de jeux: faire du neuf avec du vieux, ...



YEP Schoulfoire Feedback

Mir, d'DP2-ED2 sinn de 24.04.2024 während der *Semaine Projets* op d'Schoulfoire gaangen, fir den DAP-Education virzestellen an de Kanner Ateliers ze proposéieren.

Mir haten ee kreativen Atelier a 6 Spiller am Angebot, mir stoungen ëmmer zu 3 bei all Spill.

Et si relativ vill Kanner a Jugendlecher komm, a vum Feedback, dee mer kruten, huet et de Leit och Spaass gemaach.

Och eis huet et gutt gefall. Obwuel et e laangen Dag war, ass et net langweilig ginn, et waren ëmmer Kanner, Jugendlecher an Erwuessener do. Et war schéin, sech mat de Leit auszetauschen a mat hinnen ze schwätze während den Ateliers.

Mir hunn et praktesch fonnt sou eng Geleeënheet ze kréien an do kënnen Ateliers ze proposéieren an esou eng Responsabilitéit z'iwuerhuelen.

Et huet eis weider bruecht an eiser pädagogescher Entwécklung a mir konnte vill Erfarunge sammelen.

d'Schüler vun der DP2ED2



Eltern mobilisieren gegen „Bücherberge“

Das System der kostenlosen Schulbücher lädt zur Verschwendung ein, sagt die nationale Elternvertretung. Und sucht nach Alternativen.

Von Ines Kurschat (Luxemburger Wort - 13.Mai 2024)

„Antigaspi2go“ heißt die Kampagne von Restopolis, die Abfallberge in den Schulkantinen abtragen helfen will. Mit buntem Logo und Plakaten sollen Schüler ermuntert werden, Essen nicht zu verschwenden.

Mehr Bewusstsein für unnötige Verschwendung möchte auch die nationale Elternvertretung erreichen - und zwar bei Direktionen, Lehrern und Schülern. „Es ist ein Skandal, wie viel Geld für Schulbücher und Kopien hinausgeworfen wird, die dann kaum benutzt werden“, meint Sophie Bsarani. „Alle reden über Recycling, aber kaum jemand über diese enorme Papierverschwendung.“

Die Mutter von drei Kindern war bis vor Kurzem Mitglied in der nationalen Elternvertretung. Dort hat sie sich den Kampf gegen unnötige Bücherberge zum Herzensanliegen gemacht. Ihre Nachfolgerin führt ihn jetzt weiter.

Seit 2018 sind Schulbücher, die von den Programmkommissionen als verbindlich aufgestellt werden, kostenlos. Über mybooks.lu können Schüler und ihre Eltern die Bücher bestellen, die sie für das kommende Schuljahr benötigen. Mit ein paar Klicks wird eine Bestellung erstellt - und die Bücher können dann im nächstgelegenen Bücherhandel abgeholt werden.

Rund 10,8 Millionen Euro gab das Erziehungsministerium 2023/2024 allein für Schulbücher

aus. Mit der Ausnahme im Jahr 2019/2020 kennt dieser Posten im Schulbudget nur eine Richtung: nach oben. Das Ministerium weist darauf hin, dass der Mittelwert über die Jahre relativ stabil geblieben sei, nämlich bei durchschnittlich 240 Euro pro Schüler. Die Grenze für die Gratisversorgung liegt pro Kopf bei maximal 450 Euro.

Durchschnittlich 240 Euro für Schulbücher pro Kind pro Schuljahr

Nur sind das nicht die einzigen Kosten, die Eltern für den Schulbesuch ihrer Kinder zu tragen haben. Denn die Gratis-Regelung betrifft nur den Pflicht-Bücherkanon. Manche Lehrer aber bestellen Lehrmaterialien darüber hinaus, andere machen aufwendige Fotokopien - und die kosten teilweise extra. Und dann sind da noch Hefte, Stifte, Klassenfahrten, Schulessen und anderes mehr.

Auf Nachfrage des „Wort“, ob es Richtlinien oder Empfehlungen hinsichtlich des Einsatzes von Schulbüchern und Fotokopien gibt, schreibt das Ministerium: Es gebe keine Richtlinien über den obligatorischen Lehrbuchkanon hinaus. Die Handhabung von Fotokopien wiederum unterliegt den jeweiligen Lyzeen. Und dort ist die Praxis sehr unterschiedlich.

So liegt dem „Wort“ die Aussage einer Elternvertretung vor, wonach in einem Zentrums-Lyzeum



Foto: Marc Wilwert

Schüler des unteren Zyklus pro Schuljahr 80 Euro für bunte Farbkopien bezahlen. Zusätzlich zu den anderen Lehrmaterialien - und dies, obwohl sämtliche Schüler in der Klasse ein Tablet von der Schule zur Verfügung gestellt bekommen und Online-Lehrplattformen zur Verfügung stehen.

Das Schulministerium scheint sich nicht groß daran zu stören: „Allgemein betrachtet, ist das zumutbar“, heißt es seitens der Pressestelle zu möglichen Mehrausgaben für Fotokopien. Schließlich seien die Schulbücher umsonst. Reklamationen von Eltern gebe es keine. Die Aussage erstaunt. Denn der nationalen gewählten Elternvertretung ist die Verschwendung seit einigen Jahren ein Dorn im Auge - und sie hat deshalb beim Ministerium vorgeschlagen.

„Das ist skandalös“, findet Bsarani. „Wir haben keine Kontrolle, was mit dem Geld geschieht und ob die Kosten für zusätzliche Bücher oder Kopien überhaupt gerechtfertigt sind“, sagt sie. Die Mutter hat es bei ihren Kindern erlebt: Teilweise hätten Lehrer auf Lehrbücher bestanden, die in der gesamten Schulzeit nur ein- bis zweimal aufgeschlagen wurden. Es gebe aber auch in Luxemburg Familien mit kleinerem Einkommen, für die zusätzliche Ausgaben eine Belastung sind.

Eltern wehren sich gegen „enorme Papierverschwendung“

Einige Direktionen sind sich dessen bewusst. Das Lycée Technique du Centre etwa versucht, bei Kopien keine Mehrausgaben für die Schüler respektive ihre Eltern entstehen zu lassen. Ebenso die Sekundarschule in Mamer. Manche Schulen reichen Kosten für Kopien über das Script (Service de Coordination de la Recherche et de l'Innovation pédagogiques et technologiques) ein, damit die Jungen und Mädchen nicht zusätzlich belastet werden. Inzwischen regt sich Widerstand. In mehreren Schul-Elternvertretungen steht die Papierverschwendung oben auf der Tagesordnung. Väter und Mütter ärgern sich über die vielen teuren Bücher, die 13- bis 16-Jährige schleppen müssen - und die im Unterricht dann doch nicht wirklich genutzt werden. Wieder andere wundern sich über ein Lehrpersonal, das partout nicht umstellen und bei der Digitalisierung mitziehen will und lieber seitenweise Kopien austeilt, statt die immer zugänglicheren Online-Lehrplattformen zu nutzen.

Bsarani hat die Runde gemacht und wegen der „Bücherberge“ sowohl beim Ministerium, als auch bei den Bücherläden und in Schulen angeklopft. Das System im Schengener Lyzeum in Perl auf der anderen Seite der Grenze gefällt ihr: Dort bezahlen Eltern zu Beginn des Schuljahres für Unterrichtsmaterialien eine Kautions, die sie am Ende zurückerhalten, sofern ihr Kind die Schulbücher im ordentlichen Zustand wieder abgegeben hat. Diese werden dann der nachfolgenden Generation zur Verfügung gestellt.

Mehr Anreize für Bücher-Tauschbörsen

Noch ein Modell kann sie sich vorstellen und hat sie dem Ministerium vorgeschlagen: Statt Bücher neu zu kaufen, sollten mehr Anreize bestehen, gebrauchte Bücher zu tauschen. Einige Schulen organisieren bereits Tauschbörsen, aber längst nicht alle. Manche Eltern geben Bücher im Familien- und Freundeskreis weiter und nutzen anstatt den vom Ministerium ausgegebenen Gutschein im Wert von 50 Prozent des Einkaufs-Buchpreises, für jedes Buch, das nicht neu angeschafft wird.

Allerdings: Für lesefaule Jugendliche ist das nicht unbedingt attraktiv. „Am besten wäre es, das Ministerium würde die Buchhändler dazu anhalten, gebrauchte Bücher einzusammeln und zu lagern - aber die profitieren ja ebenfalls von dem aktuellen Modell“, kritisiert Bsarani, die als Anreize gegen die Verschwendung beispielsweise Kinogutscheine für Jugendliche vorschlägt.

Siehe da: Seit Juli vergangenen Jahres hat das Ministerium die Internetadresse upbooking.lu eingerichtet, die Schüler dazu auffordert, in Eigeninitiative gebrauchte Bücher an Klassenkameraden nachfolgender Jahrgänge abzutreten oder selbst eine Tauschbörse zu organisieren. Der Haken: Die Plattform scheint mit mybooks.lu nicht verbunden - man muss also wissen, dass sie existiert. Und es gibt keine zentrale Sammelstelle für gebrauchte Bücher. Leicht gemacht, geht anders.

Einen Erfolg kann die umtriebige Mutter schon jetzt verbuchen: An der Schule ihrer Tochter organisiert die Schulbibliothek einmal im Jahr eine Bücherbörse. Allmählich finden Gebrauchtbücher dort Akzeptanz, obwohl selbst ihre Tochter sich zunächst sträubte, aus Sorge, ihre Mitschüler könnten sie hänseln. „Da ist noch viel Aufklärungsarbeit notwendig“, sagt Bsarani. Aber eben nicht nur bei Jugendlichen.

Joyeux anniversaire! Happy birthday! All Guddes fir de Gebuertsdag! Herzliche Glückwünsche!

... an hei och nach eis extra Gléckwënsch fir eng ancienne Redactrice vum *Trait d'Union*: De 16. Abrëll konnt d'Schwëster Monique e schéinen halwe ronne Gebuertsdag feieren: 95 Jor ass si jonk ginn, an dat a beschter Fassong.

A wéi et eis esou zu Ouere komm ass, sinn et do allerhand Festivitéite ginn, déi si och richtig genéis- se konnt. Wéi schéin ass et awer, wann een an sou engem stolzen Alter mat souvill Freed an Energie nach seng Gebuertsdagskäerzen ausblöse kann. Bäi 95 Stéck um Kuch ass et och an der Rei, wann ee sech eng Assistenz freet.



Léif Schwëster Monique,

elo kennen ech lech schonns 42 Jor! Also bal mäi ganzt Liewen 😊: Dir waart meng Directrice an Dir waart déi éischt, déi mat mir eng Kippchen op mäi gepackte Proffenexamen gedronk huet, Dir hutt mech mat age stellt an Dir hutt mir Äre Bok (fir déi, di net wëssen, wat dat ass: de Schwës- terevoile) geléint, fir Sketcher ze spillen, mir hu matenee virun der Chrëschtvakanz den „Jingle Bells“ op Latäi gesong mat de Latinisten ... an ech vergiessen ni déi vill Proffmassen ëmt de 15. September, wou Dir vir um Ambo stoungt an d'Lidder an der Mass ugestëmmt hutt. Dir hutt all Lidd, wann et net begleet gouf um Piano, um héijen DO ugefaang, sou datt spéitsens am 3. Takt kee Proff méi konnt matsangen ausser deenen, déi bis op den héije LA koumen. Dat waren der dann nach 5 an der ganzer Kapell. Ausser natierlech deenen anere Schwëstere, well déi waren déi Héichten am Sange jo vun lech gewinnt. An dobäi hutt Dir eis all Kéiers virdu versprach, net su héich unzufänken! A jo, Schwëster Monique, a viru genee 3 Jor souze mir nom Betribsiesse mate- neen zu Hollerech op der Kräizung am Héichwaasser an dat äiskaalt Waasser ass äis am Auto bis un d'Knéie gaang ... tjee, mir hu schonns allerhand mateneen erlieft an all deene Joren!

Ech hunn lech an sou ville wichtege Fonctiounen erlieft, och an Ärer Famill an do kann ee gesinn: Wat een dem Liewe schénkt, dat gëtt et engem zréck! Et mécht eis sou vill Courage, ze gesinn, wéivill - a virun allem wéi laang - een eppes als engagéierte Mënsch a sengem Liewe bewierke kann: Egal wéi al een ass, et gëtt ëmmer eng Plaz, wou ee säi „Scherflein“ nach bäidroen kann an der Gesellschaft, an der Famill an natierlech an Ärem Fall, an der Schwësterecommunautéit.

Catherine Hollerich

Mir vun der Trait d'Unions-Redaktioun hoffe jo ganz staark, datt mir hei och nach op en 100. Gebuerts- dag ustousse kënnen! An dofir soe mir wéi déi al Réimer: AD MULTOS ANNOS!!

Eis nei Gesondheitsministesch, Martine Deprez, eng Ancienne vum Fieldgen...

En Interview vum Christiane Genewo an de Schülerinnen a Schüler vun der 2GS02



Säit der Bildung vun der neier Regierung, am November 2023, huet Lëtzebuerg eng nei Gesondheitsministesch. Hiren Numm: Martine Deprez. Besonnesch interessant fir eis ass, dass hir schoulesch Carrière um Fieldgen ugefaangen huet. Esou eng Geleeënheet däerf een sech net entgoe loossen, fir houfreg ze weisen, wéi wäit fréier Fieldgensschülerinnen et am Liewe bruecht hunn.

An engem flotten a ganz onkomplizéierten Interview beäntwert d'Madamm Deprez mir all d'Froen, déi meng Schülerinnen a Schüler vun der 2GS02 sech ausgeduecht hunn.



CG: Madamm Minister, Dir sidd eng Ancienne vum Fieldgen. Wéi laang waartr Dir do?

MD: Ech war 3 Joer, vu 7^e-5^e, um Fieldgen. Deemools sinn d'Sektiounen nach op 4^e gewielt ginn. Ech war dat Eenzegt, wat eng B-Sektioun, also Mathematik maache wollt, an déi gouf dunn net um Fieldgen ugebueden, dofir hunn ech de Lycée wiessele missen. Ech sinn dunn an den LGL op de Lampertsbierg gaangen.

CG: Wat fir eng Erënnerungen hutt Dir un de Fieldgen vun deemools?

MD: Et war net iwerméisseg streng. Et war geuerdent. An den Zäiten, wou „Silence“ war, huet ee missen seng Hausaufgabe maachen. Wee fäerdeg war, huet sech beschäftegt mat liesen. Jiddereen huet ëmmer missen dee selwechte Programm anhalen. A wa mer eemol an der Woch eng Stonn konnten an d'Stad goen, da waren duerno d'Bänke voller Chipstuten a Colasbéchen. (laacht)

CG: Dir waart jo och do am Internat. Wéi hutt Dir déi Zäit do erlieft?

MD: Et war e bësselche wéi an deem Kannerbuch „Hanni und Nanni“. Et ass zwar ni derzou komm, dass mer nuets ënnerwee waren, esou wéi d'Zwillingen Hanni und Nanni dat gemaach hunn, a mir hunn och keng „gestébst“, mee mir haten, genee wéi si, e groussen Dortoir mat bal

30 Better an op 6^e hate mer ee mat 15 an ab 5^e huet een duerfen zu 2 an engem Zëmmer sinn. Déi waren ënnert dem Daach.

CG: Firwat sidd Dir op de Fieldgen komm?

MD: Ech hu Musek nieft der Schoul gemaach. Mat mengen Elteren zesummen hu mer decidéiert, dass ech dofir sollt an de Conservatoire goen. A well ech zu Harel, also ganz uewen am Land bei der belscher Grenz gewunnt hunn, wär dat en immens groussen Opwand gewiescht, wa meng Eltere mech dauernd hätte missen hin- an hurfieren. Esou konnt ech selwer an de Conservatoire goen, a meng Elteren hate kee Gerenns.

CG: Dir waart op enger B-Sektioun, ech ginn emol dervunner aus, well Dir Mathé gären hat. Är Beruffswiel, Mathéproff ze ginn, ass lech jo dann net schwéier gefall.

MD: Ech wollt vu klengem un Schoul halen. An d'Mathé hat ech wierklech gär, déi ass mer och liicht gefall an dofir hunn ech decidéiert, Mathé studéieren ze goen. Wéi ech vun der Uni vu Léck erëmkomm sinn, sinn ech awer net direkt an den Enseignement gaangen. Deemools hunn se beim Staat am Concours net vill Mathéproffe geholl. Dofir sinn ech eng ganz Rei Jore bei d'Inspektioun générale vun der Sécurité sociale (IGSS) schaffe gaangen.

Wéi ech dunn d'Madamm Brasseur, déi deemo-



leg Edukatiounsministesch, um Radio héieren hu soen, dass de Staat vill Mathésproffe bréicht, duecht ech mer: „Dat ass keen Zoufall, dass du dat elo héieren hues“, an dofir hunn ech mech gemellt. Ech hu mech dem Concours gestalt, hunn de Stage gemaach a war dunn 21 Joer am Enseignement. Am Ufank de Concours, de Stage an 3 kleng Kanner ze geréiere war vill Aarbecht an eng grouss Erausfuerderung, mee ech wéilt déi Zäit net méssen.

CG: Wat huet lech besonnesch um Schoulhale gefall?

MB: Déi ganz Ausbildung, déi ech krut am Stage, war net nëmme fachspezifesch, mee dat war och interpersonell, dat war e bësselche Psychologie, vill Pedagogie, vill Didaktik. Mir si geléiert ginn, wéi ginn ech op Leit zou, déi elo net onbedéngt do sëtze fir dat ze léieren, wat ech hinne wëll vermëttelen, wéi kann ech se motivéieren, wéi kann ech op se agoen, wéi kann ech Valeure vermëttelen, wéi kann ech mech schützen, fir net ze séier an e Burn-out ze kommen. Mir gefällt dofir och dat Tëschemënschlecht an der Schoul. Et kann ee jo net als Persoun eragoen a maachen, wéi wa soss keen do wär, do muss een Affinitéiten hunn, Antennen. An ech mengen, där hunn ech der ganz vill, heiansdo e bësselchen ze vill.

CG: Hutt Dir an der Schoul, bäi de Schüler, am Schoulbetrib eng Verännerung gemierkt an all deene Joren?

MD: D'Schoulhalen ass mir an deenen 21 Joer ni schwéier gefall. Wat sech sécherlech verännert huet, ass dee ganzen administrativen Opwand, déi Diversifikatioun vun de Weeër, de Programmer.

CG: Wéi ech lech am Ufank gesot hunn, hu meng Schülerinnen a Schüler vun der 2GSO2

mir och eng Rei Froen un lech mat op de Wee ginn. An ech mengen, déi nächst Fro bitt sech als Iwwergang vum Enseignement an d'Santé, deem Beräich, wou Dir elo täteg sidd, ganz gutt un.

Luana: Wéi kënnt et, dass Dir als Mathésproff Gesondheitsministesch gi sidd an iwwerhaapt net op enger Lëscht stoungt?

MD: Do muss een d'Verfassung kennen, fir dat ze verstoen. Eng Regierung gétt hei zu Lëtzebuerg net gewielt, eng Regierung gétt vum Grand-Duc genannt. Theoretesch kéinten an där Regierung lauter Leit sinn, déi eigentlech net gewielt goufen. Zu Lëtzebuerg ass et awer üblech, dass d'Chamber fir d'éischt gewielt gétt, da kucken d'Parteien, eng Koalitioun ze bilden, an da sichen déi meescht Parteien hir Leit fir an d'Regierung. Ech war déi Jore virdu scho matt a Gemengewalen an och 2009 a Chamberwalen, an ech si scho ganz laang aktiv an der Partei. Meng Partei, d'CSV, huet mech och an de Staatsrot genannt. Ech hunn also e politesche Background, mee wéi d'Luana richteg seet, war ech net op der Lëscht fir dës Chamberwalen.

Wéi kënnt et dann, dass ech awer elo an der Regierung sinn? De Formateur, Luc Frieden, huet mech ugeruff a gefrot, fir e Gespréich mat mer ze hunn. Dobäi huet hee mech gefrot, ob ech mer kéint virstellen, Ministerin ze ginn fir Santé a Sécurité sociale. D'Sécurité sociale hunn ech relativ gutt kennt, well ech do 10 Joer bei der IGSS geschafft hunn, ier ech an den Enseignement gaange sinn. Wéi ech am Staatsrot war, hunn ech d'Dossiere vun der Sécurité sociale a vun der Santé suivéiert, sou dass ech déi jeeweileg Gesetzer relativ gutt kennen.

Marla: Firwat hutt Dir lech fir d'CSV als Partei entscheet?

MD: (laacht). Ech kommen aus dem Eisléck, do ass traditionell d'CSV ganz buedemstänneg ënnerwee. Meng Mamm war ëmmer politesch interesséiert an no bei der CSV, mee selwer ni aktiv, an si huet decidéiert, wéi ech 16 Joer al war, dass si mir elo eng Parteikaart géif huelen. A well meng Mamm dat fir gutt a richteg fir mech gehalten huet, war dat fir mech och ganz an der Rei. Eng Decisioun, déi sech als komplett gerechtfäerdigt bewisen huet, well ech mech ganz séier, voll a ganz matt de Grondwäerter vu menger Partei identifiziéiere konnt.

Luca: Wouhier kënnt Äre politeschen Interessi?

MD: Déi ass quasi „ugeierft“. Meng Mamm huet sech zwar, wéi gesot, selwer net politesch engagéiert, well se wéinst eisem Bauerebetrib keng Zäit hat. Ech selwer sinn eréischt richteg aktiv ginn, wéi ech vun der Uni erëm war. Ech hu mech an der CSJ engagéiert a wéi ech bis zu Diddeleng gewunnt hunn, hunn ech och do an der Sektoun matgeholf.

Luana: Kënnt Dir déi Erfarungen aus der Schoul gebrauchen, fir an Ärem neien Job virun ze kommen?

MD: Dat ass eng super Fro, déi ech ganz haart mat „Jo“ beäntwerte kann. Ech kann déi Erfarungen tatsächlech 1:1 gebrauchen. Et ass fir dësen Job vu Virdeel, wann ee Schoul gehalen huet, well do huet ee geléiert, op Leit zouzegoen, mat hinnen ze konnektéieren, hinnen nozelauschteren, ze verstoe wat se soen, an dat an enger strukturierter Form erëm kënnen zeréckzeginn.

Anna: Brauch een, fir Gesondheitsministesch ze ginn, kee Medezinstudium? Wou huet Dir Är medezinesch Kenntnisser hir?

MD: (laacht) Meng Mamm (alt erëm) war medezinesch ganz interesséiert. Si hat ganz Laroussen doheem stoen. Et ass och vill doheem doriwwer diskutéiert ginn. Ech kann natierlech als Santésministesch net engem Dokter soe wat heen ze maachen oder ze loossen huet. Si hu laang studéiert an hire Beruff grëndlech geléiert. Ech verstinn, wann ee probéiert, mir eppes ze erklären, mee ech hu keng medezinesch Grondkenntnisser an deem Sënn, dass ech kéint eng Diagnose stellen. Dat brauch een als Gesondheitsministesch och net. Et muss ee verstoen, wéi de System opgebaut ass a wat d'Rolle vun deenen eenzelne Leit am Secteur sinn, fir de System esou kënnen ze organiséieren, dass de Patient eppes dervunner huet.

Luca: Wéi geet ee mat enger esou grousser Verantwortung, wéi Dir se hutt, ëm? Wéi mat Erwaardungen, Drock a Kritik?

MD: De Moment schléit mer vum Terrain nach eng relativ grouss Sympathiewell entgéint. Drock kréien ech minimal an de Kommissiounssëtzunge vun der Oppositoun a vun der Press, mee ech hunn d'Gefill, dass ech deem Drock besser gewuess sinn, wéi wann ech 10 Joer méi jonk wier. Och an der Schoul ass ee Kritiken ausge-

sat an och do muss ee kënnen domadder ëmgoen. Ech hoffen, dass ech déi Erfarungen och elo hei kann ëmsetzen. Den Drock spieren ech dofir am Moment nach net wierklech, vläicht kënnt dat nach, wann d'Diskussiounen am Hierscht, wa mer ufänken iwwert d'Renten ze diskutéieren, méi hëtzeg ginn. D'Veantwortung spieren ech awer an déi schléit sech heiansdo doranner zeréck, dass ech alt emol nuets waakrech ginn an un eppes denken, wat ech am Dag ugeduecht hat a wou d'Gedanke virugeféiert ginn. Déi éischt puer Woche vum Amt hunn ech, dat muss ech zouginn, ganz schlecht geschlof. Dat huet sech awer geluecht.

Josephine: Wat si wichteg medezinesch Pläng, déi Dir an Ärer Legislaturperiod ëmsetze wëllt?

MD: Et ginn 3 Pläng, déi ech ëmsetze wëll.

1. Ech wëll der mentaler Gesondheet méi Opmierksamkeet ginn.
2. Ech wëll d'soins primaires besser organiséieren. Den éischte Kontakt mam Dokter, mat den Urgences, de maisons médicales solle koordinéiert an optiméiert ginn. D'Leit sollen direkt wëssen, wou se mat wat fir engem Problem mussen higoen. Wann een zum Beispill de Knéi wéi huet, muss een net direkt bei den Orthopäd lafen. Dat ass eng ganz Education, déi hei muss gemaach ginn, an do ass et wichteg, an der Schoul unzufänken. Dofir wier et opportun, aus der Médecine scolaire eng Santé scolaire oder eng éducation à la santé ze maachen.
3. Deen drëtten Sujet ass d'Preventioun, déi verstärkt och an d'CNS soll opgeholl ginn. Bis elo ass et gréisstendeels esou, dass ee rembourséiert gëtt, wann ee bis krank ass a bei den Dokter war. Et ginn awer och eng Rei Behandlungen, déi ee maache kann, fir dass een net krank gëtt. A bis elo ginn déi net ëmmer rembourséiert. Besonnesch an der mentaler Begleedung bleiwt nach vill ze maachen, do ass een éischte Schratt ageschloe ginn mam Remboursement vun der Psychotherapie.

Marla: Wéi wëllt Dir de Mangel u Fleegepersonal an de Klinike bekämpfen?

MD: Wann ech déi Äntwert hätt ...! Mir kënne just Promotioun maachen an d'Beruffer virstellen. Mir hu kleng Filmercher gedréint, déi een sech um site www.healthcareers.lu kann ukucken. An

dëse Filmercher deelen d'Leit vum Terrain, also d'Infirmieren, d'Aide soignants etc... hir Erfarunge mat. Hei ginn déi ënnerschiddlech Carrière virgestallt. An ech invitéiere jiddereen, deen Interesse huet, sech op deem Site anzeloggen an déi Filmercher ze kucken.

CG: Fäerten der net och vill, esou e Beruff unzefrieden, well e wierklech fuerdernd ass?

Wenn dann so ein lieber Mensch in Rente geht, muss man sich nämlich neu erfinden. Man rutscht ja selbst eine Stufe höher auf der Jakobsleiter, die in den Ruhestand führt. Und dann kann es sein, dass man innerhalb von ein, zwei Jahren seiner Clique verlustig geht, in der man sich so wohl gefühlt hat wie in einer warmen Badewanne, und in der man auch mal grantig, ungerecht und unmöglich rechthaberisch sein konnte. Dann sitzt man ein bisschen wie der Held von „Heimatlos“ da und fühlt sich wie ein ausgesetztes Haustier an der Autobahnraststätte oder wie ein Waisenkind. Bloß in Alt.

Nun kennen wir ja alle Abschiede. Zur Genüge. Der Abschied von der Zigarette oder dem panierten Schweinekotelett, weil der Arzt einen akuten Gichtanfall diagnostiziert hat. Oder der Abschied vom Haustier oder Ehepartner, oder beidem. Manche Abschiede sind gewollt oder werden gar herbeigesehnt, manche hinterlassen fürchterliche Wunden, aber der Abschied vom Kollegen birgt eine besondere Tücke: Plötzlich ist er da, zack und weg! Theoretisch weiß man ja Bescheid! Die Verdrängung vor den Sommerferien funktioniert auch noch sehr gut, denn der Jahres-

endstress hat einen fest im Würgegriff. Wenn dann im September das nächste Schuljahr beginnt, ist alles anders.

Mein Artikel soll sich jetzt nicht lesen wie der Gesang der Jünglinge im Feuerofen, aber „Scheiden tut weh“, so heißt es in einem alten deutschen Kinderlied, denn mit jedem Kollegen geht ein Stück Fieldgen-Geschichte, ein Stück Vertrautheit in Rente.

Nein, wir gönnen es euch ja, liebe Ruheständler! Uns fällt jedes Mal auf, wie unglaublich gut ihr Damen und Herren nach Rentenantritt ausseht, wenn ihr euch als die FTFs („Former Teachers Fieldgen“) auf einer Veranstaltung in der Schule trifft: verjüngt, verschlankt, sorgen- und faltenfrei!

Und für die Zurückgebliebenen? Gerade im „Neustart“ liegen ja auch die Chancen. So viele neue junge Leute kommen jedes Jahr dazu. Sie gilt es jetzt einzuführen in die höheren Weihen des Lehrerseins und der Schülerführung, sie etwas zu bemuttern (wenn sie es zulassen), zu trösten und ihnen Bestätigung zukommen zu lassen oder ihnen die ein oder andere nett gemeinte Kritik um die Ohren zu hauen. Im Gegenzug dazu sind wir „Erfahrenen“ dann heilfroh, wenn uns die Jugend am Handy und am Computer beisteht, Geduld an den Tag legt, wenn wir sie zum 10. Mal fragen, wie das jetzt neuerdings (!) mit dem RNI funktioniert, denn letztes Mal sei alles ganz anders gewesen ...



Wie bei einer „Strickliesl“ kommt auch im Schulleben immer etwas Neues hinzu und wir alte Liesln (und damit sind auch die Männer gemeint) sollten es uns zur Aufgabe machen, dafür zu sorgen, dass der Wollfaden auch die richtige Form und korrekte Maschendichte behält, denn ganz am Ende, wenn wir uns die lange Wollschlange anschauen, dann sind es gerade die unzähligen bunten Farben, die schönen Übergänge und die gleichmäßigen Maschen, die die Handarbeit so perfekt und abwechslungsreich gestaltet haben. Und dafür braucht man viele Wollfäden, alte und neue.

So, und jetzt dürft ihr, werte Pensionäre, das Taschentuch auswringen und uns damit „Lebewohl“ winken! Wir treffen uns dann demnächst, gell?



Let's Talk Social Media



Jennifer Aversa
Franséischprofesser



Francine Wagner
Informtikprofesser

De Projet "Let's Talk Social Media" gouf initiéiert fir zesummen op d'Erausfuerderungen an de soziale Medien anzegoen. D'sozial Medien huelen ëmmer méi eng wichteg Plaz am Alldag vun eise Schüler a Schülerinnen an. Déi verschidde Plattformen kënnen och eng Quell vu Stress, Angscht an esouguer Cyber-Mobbing sinn.

Mat eisem Projet "Let's Talk Social Media" wëlle mir e sécheren an oppene Raum schafen, wou eis Schüler fräi iwwer eventuell Probleemer kënnen schwätzen, egal ob si Affer oder Täter sinn.

LET'S TALK SOCIAL MEDIA


	Une personne que je ne connais pas me harcèle	
J'ai vu quelque chose sur les réseaux sociaux qui m'a troublé	Et schéckt ee rassistesch oder sexistesch Biller an eise Grupp	Someone is sending nudes of me online
Ech gouf geblockt a wees net firwat	I think that someone is spreading lies about me online	
	Oh, oh... Ich habe richtig Mist gebaut im Internet!	Dat doten däerf ech mengen Eltären niemoools erzielen

an der Cafeteria !!

EcoCup

-0,10 €

wanns de däin
eegene Becher
matbréngs



EcoMëtsch

benotz deng
eegen Tut a
verzicht op eng
Zerwéit :

-0,10 €






Semaine Pro





objets 2024



Semaine Projets 2024







Semaine Projets 2024



Basketball

Minimes Open mixte (7. Mäerz)



Badminton

Dubbel-Championnat (7. Mäerz)



Fight and Fun

14. Mäerz an der Coque



Fechten

*Tandem an Einzelchampionnat
7. Mäerz/13. Juni*





Stage de ski 'les 2 alpes'

24. Mäerz - 30. Mäerz



Mountainbike Randonnée (21. März zu Mamer)



Fieldgen ,Portes Ouvertes'

...och an der Sportshal

30. Abrëll / 4. Mee




Schwammen

Net-affiliéierten Championnat (21. Mä



Unity Run 42 (ING Night Marathon)

11. Mee



ierz)



23. Mee, Weedercher-Outdoor
Fussball


Klammern

Net-affiliéierten Championnat (16. Mee)



Laf ronderëm den lechternacher Séi (16. Mee)





Cross-Triathlon

Championnat zu Réiden
(6. Juni)



Outdoor Boulder

13. Juni zu Mamer
(Bloc Brill)



All d'Resu

Dëschtennis

Net FLTT affiliéierten Championnat (6. Juni)



Mountainbike Championnat (13. Juni zu Mamer)





stater fann der op lase.l.lu

Option photographie

Élèves de 3C, 3G-PS et 3G-S03





Voici une sélection de photos réalisées par les élèves de l'option photographie.

Les photographes :

Pouit Aurèle (3C-B)

Vanden Eynde Florian (3C-B)

Ferretti Cynthia (3G-PS)

Kolten Emma (3G-PS)

Meyers Lydie (3G-PS)

Barbosa de Matos Beatriz (3G-S03)

Heiderscheid Kyan (3G-S03)

Ley Fynn (3G-S03)

Wilhelmy Jim (3G-S03)

De Fieldgen, eng nohalteg Schoul

Wat deet sech a punkto Nohaltegkeet um Fieldgen?

Visitt vum Fësch-Haff

Den 20. Mäerz war den Aarbechtsgrupp *Fieldgen for Future* op Besuch um **Fësch Haff** zu Greiweldeng.

Wéi funktionéiert Aquaponik? Wier Aquaponik och méiglech bei eis an der Schoul? Dës si nëmmen 2 Froen vu villen aneren, déi op der interessanter Visitt beäntwert an diskutéiert goufen.



Aquaponik ist ein Verfahren, das Aquakultur (Aufzucht von Wassertieren wie Fischen, Krebsen, Schnecken oder Garnelen in Becken) mit Hydroponik (Kultivierung von Nutzpflanzen im Wasser, z. B. Gemüse oder Kräuter) koppelt.


Dabei sind nitrifizierende Bakterien zur Umwandlung von Ammoniak in Nitrate beteiligt. Exkremente aus der Fischzucht werden so als Nährstoffe für Pflanzen verwendet. Somit erfolgt der für die Pflanzenaufzucht nötige Nährstoffeintrag im Wesentlichen über das Fischfutter.

Die „Entsorgung“ der überflüssigen Nährstoffe, welche sonst bei intensiver Fischzucht oft ein großes Problem ist, übernehmen die Pflanzen - somit entsteht ein Kreislauf, in dem jeder Teil von jedem anderen profitiert.

@wikipedia



Hammbier aus eisem Schoulbongert



Um Dag vum Bam 2022
goufen eis éischt
Hammbiersstäck vu
Schüler a Proffen an eisem
Schoulhaff geplantz.



Dëst Joer ass eise
Bieregaart erweidert ginn.
Am Bannenhaff sinn nach
rout a schwaarz
Kréisshelen, Brommbieren
a Molbiere geplantz ginn.




An de Pausen hu
Schüler a Profpe sech e
puer Vitamine geholl.



Iwwert d'Summervakanz sinn
d'Stäck weider gewuess a sinn
an den Haff gefall.
Dofir hunn eis Schüler aus dem
Préparatoire den Hammbiersstäck
nei Stäipe gebaut. D'Schüler ware
mat grousser Begeeschterung dobäi
an hunn hiert handwierklecht
Geschéck ënner Beweis gestallt.

Am Hierscht war nach eemol eng
gutt Recolte an d'4e GPS huet sech
et net huele gelooss mat deene
leckere Biere Gebeess ze kachen,
dat se dann och um Chrëschtbasar
verkaaft hunn.
D'7es an 6es P Klassen hunn an
der Kichen Hammbiermuffins
gebak.



Neie Recycling-Corner

Während der Semaine Projet huet DP2-ED1, zesumme mat hirem Regent, dem Här Engelmann, eisen neie Recycling-Corner gebaut. Mir soen hinnen ee grouse Merci fir déi flott a gutt Aarbecht.

NEW



Re-Use-Corner

Eise Re-Use-Corner krut eng nei Plaz: nieft der Proffekonferenz!



Oktav 2024



Wie ich in Jesus neue Hoffnung fand



Nicolas Deutsch
2G-S04

Hoffnung. Noch besser: Eine feste Sicherheit, derer man gewiss ist, sie zu haben. Das ist, was jeder Mensch sich wünscht. Auch ich wünschte mir das immer. Besonders am Ende der Corona-Pandemie wünschte ich mir nichts weiter, als einen Halt im Leben zu finden. Manchmal muss man einfach eine Autorität über sich akzeptieren, was mir damals sicher nicht in den Sinn gekommen wäre. Ich strebte vielmehr danach, ein guter Mensch zu sein, jedoch war ich ohne Hoffnung. Deshalb las ich ab und zu in der Bibel, um mich dadurch zu trösten. Gott war in meinen Augen nichts weiter als ein Wunschautomat und genau das war der Grund, warum ich an ihm zweifelte. Auch wenn viele es nicht zugeben wollen, so sind wir oft unsicher, verzweifelt und fürchten uns vor Tod, Krieg oder Krankheit.

Am Anfang galt meine Hoffnung der kirchlichen Tradition und ich hoffte darauf, dass ich durch die Firmung einen Halt in meinem Leben bekommen könnte. Jedoch fand ich weder Erfüllung noch eine feste Sicherheit, sondern ich ernährte mich von einer Mischung gesellschaftlicher Vorstellungen, menschlicher Weisheiten und kirchlicher Traditionen, die ich dann meinen Glauben an Gott nannte. Nach ungefähr sechs Monaten hatte ich die Bibel zu Ende gelesen. Doch ich wollte mehr verstehen, da es mich interessierte. So studierte ich die Bibel zusammen mit hilfreichen YouTube-Videos und verstand zum ersten Mal in meinem Leben das Evangelium, die Nachricht von Gott an die Menschen: Wenn ich meine, dass ich etwas tun muss, um in den Himmel zu kommen, so bin ich religiös. Der Glaube an Jesus ist aber keine Religion, sondern eine Beziehung zu Gott, die nur deshalb möglich ist, weil nicht ich, sondern Jesus schon alles für mich getan hat.

Wenn ich das Evangelium in eigenen Worten zusammenfassen müsste, so würde ich diese folgendermaßen formulieren:

„Der Gott, der das jüdische Volk als sein Eigentum herausgesucht hat, kam im Menschen Jesus auf diese Erde. Anstelle von uns Menschen, die das Gesetz Gottes übertraten und dadurch den Kontakt zu Gott verloren, führte Jesus ein perfektes Leben. Aus diesem Grund starb er stellvertretend für uns, um durch seinen Tod unsere Schuld zu bezahlen. Und dadurch, dass er am dritten Tag von den Toten auferstanden ist, machte Gott klar, dass Jesus, wie er selber bezeugt hatte, der Weg, die Wahrheit und das Leben ist.“ OK

Als ich das Evangelium verstanden hatte, bekehrte ich mich am Ende des Jahres 2022 zu Jesus. Ich verstand viele Dinge nicht und hatte noch manche Fragen, doch durch die Bibel konnte ich Jesus immer näher kennenlernen. Auf Fragen wie „Was kommt nach dem Tod?“ oder „Was ist der Sinn des Lebens?“, bekam ich Antworten und fand endlich Erfüllung.

Doch eines machte mich immer wieder stutzig: Die Bibel spricht von einem einzigen Mittler, Jesus Christus; hingegen spricht die kirchliche Tradition aber von der Sündenvergebung durch den Priester, sowie das Gebet, bzw. Verehrung von Heiligen, also mehreren Mittlern. Jedenfalls stand ich jetzt vor einer weiteren Herausforderung, wem ich denn nun glauben soll: der Bibel oder der Tradition?

Jeder, der Gott ehrlich, um eine feste Sicherheit bittet, wird diese auch bekommen. Gleichzeitig



gründet der Glaube an Gott meiner Meinung nach auf Logik und sicheren Fakten, die alle in der Bibel niedergeschrieben sind. Die Bibel selbst führt klare Beweise an, dass sie unmöglich von Menschen erfunden worden ist: Es existiert kein Buch, außer der Bibel, an dem, während 1500 Jahren von über 50 verschiedenen Autoren unterschiedlicher Gesellschaftsklassen geschrieben wurde und deren Ereignisse historisch nachweisbar sind. Dazu widerspricht sie sich nirgends, obwohl das einem sicherlich durch Unwissen und Vorurteile so vorkommen kann. Das ist der sichere Beweis dafür, dass sie von Gott durch Menschen niedergeschrieben wurde. Und genau deshalb ist die Bibel mit ihren 66 Büchern, aufgrund ihrer Identität, unsere höchste Autorität, oder nicht?

Als ich diese Erkenntnis gewann, wurde meine Hoffnung, die Jesus mir gegeben hat, noch

größer, bis sie zu einer festen Sicherheit herangewachsen war. Jesus reichte nicht nur mir, sondern reicht auch jetzt noch jedem Menschen seine Hand, die mir die Gewissheit gab, dass ich durch den Tod Jesu, der stellvertretend für mich am Kreuz gestorben ist, nicht mehr verurteilt werden kann. Es gibt keinen Menschen, der nicht schuldig ist, weswegen jeder es verdient hat, zu einer ewigen Höllenstrafe verurteilt zu werden. Aber durch Jesus ist es möglich, da er uns schon vergeben hat. Doch ist es an uns, eine Entscheidung zu treffen, ob wir ihn akzeptieren oder ablehnen möchten.

Mich bewegt vor allem ein Gedanke: Egal, was wir in unserem Leben gemacht haben, nachdem wir Jesus im Glauben angenommen haben, können wir Gott in allem vertrauen, egal wie unsere Umwelt aussieht.



P. Valadier
(dans Le christianisme a-t-il un avenir ?
Ed. St Augustin, 2000)

« Il me semble qu'une des premières tâches des chrétiens - et donc du christianisme - est d'aider l'homme à espérer, à croire en lui-même. [...] Avant de nous donner des préceptes, des consignes, des références morales, le christianisme nous dit d'abord - parce que c'est une religion d'alliance - : 'Tu es aimé de Dieu, tu as une importance majeure à ses yeux ; tu dois donc pouvoir te tenir debout sur tes pieds' ».



Semaine Raoul Follereau 2024

Une somme de **24.739,72 €** a été récoltée pour la *Fondation Follereau Luxembourg*.

Un très grand merci aux élèves et professeurs pour leur engagement.



LUTTE CONTRE LA TRAITE DES ENFANTS AU NORD DU BÉNIN



Au Bénin, la **Fondation Follereau Luxembourg** s'engage, avec l'aide de son partenaire **R-FFL (Représentation formelle de la FFL)**, et les associations **PIED** et **APEM**, contre la traite des enfants et pour leur développement personnel.



Zone ciblée

16 différents villages dans les zones de :

- 📍 **DJOUGOU**
(FRONTIÈRE DU TOGO)
- 📍 **PARAKOU**
(FRONTIÈRE DU NIGERIA)

.....

LA VOLONTÉ ?
GARANTIR LE RESPECT DES DROITS
FONDAMENTAUX DE L'ENFANCE

.....

Interview mam Sandy Watry vum Christiane Genewo



D'Sandy Watry ass am klengen Luxusbuerg gebuer, hat ass um kosmopolitesche Belair an der Franziskanerstrooss grouss ginn, an huet dunn sengen zwou Schwestern noäiferend de Wee an de Fieldgen fonnt. Eppes Besseres war him deen Ament net agefall, mee et war sou frou do, datt et vill Joren drop erëm hei gelant ass, des Kéier op der anerer Säit vun der Bänk als Philosproff. Dertëscht huet d'Sandy awer nach en Ëmwee op Heidelberg gemaach, fir Philosophie a Geschicht ze studéieren a säi Latinum nozehuelen.

Wéi koum et zu denger Berufswiel als Philosproff?

D'Schoulhalen huet mech schonn als Schülerin fasziniert. Besonnesch déi gutt Proffen hu mech gepräagt, an sou hunn ech mer gesot, datt et, wann ech emol wéilt dee Beruff ausüben, et genee esou wier, wéi ech et wéilt maachen. Alldéngs hunn ech op der Uni och de Spaass um Fuerschen entdeckt, an et war beemol net méi esou ganz kloer, op ech net awer wéilt do bleiwen. Ech hunn alldéngs op Lehramt studéiert, also speziell dorop ausgeriicht, herno Schoul ze halen, a wou sech dunn am leschte Joer vu menger Studie mäi Bouf, de Pol, ugekënnegt huet, hunn ech op mäi Begleeder vu menger leschter Aarbecht, an ausnamsweis och op mäi léiwe Papp gelauschert, an hunn dat zu Enn bruecht, wat ech ugefaangen hat. An ech bereien et kee Moment.

Wat gefält der besonnesch un dengem Beruff?

D'Aarbecht mat de Jonken, si ze begleeden op hirem Wee, se wuessen ze gesinn, an allen Hirsichten. An natierlech hinne mäi Fach, d'Philosophie an d'Philosophéieren, dat wichtegst a coolstent Fach, wat et gëtt - mee dat weess jo souguer de Mathematiker an och de Biolog - kënne mat Begeeschterung méi no ze bréngen.

Ausserdeem ass et ni langweilig! Et ginn ëmmer mol erëm Programmer geännert, nei Sektione gi gegrennt, mol streikt d'Kopiesmaschinn, mol de Kaffisautomat, mol plange mer e Kant-Seminar, mol musse mer alles stoen a leie loossen, well Feieralarm ass. Mol kënne mer zesumme laachen, mol ass et fir ze kräischen, virun allem awer léiert een all Dag eppes derbäi.

Wat fir Situatiounen am Berufsalldag maachen dech traureg / frou?

Traureg mécht mech, wa Klaatsch an Traatsch verbreet gëtt, Gehäsegkeete gemaach ginn a Respektlosegkeet an de Klassen sech verbreet oder dat ënnert eis an der Schoulequipe herrscht.

Frou mécht mech, wann d'Kopiesmaschinn mer follegt. An de Kaffisautomat geet.

A wann d'Schüler selwer denken an si net anerer oder eng KI fir sech denke loossen, an se hir eege Fortschreitter gesinn.

Wat fir Hobbyen hues de?

Ech sinn immens frou an der Natur: Ech wandere gär, fuere Vëlo a reide bäi Geleeënheet och emol duerch de Bësch. Ech gi gär schwammen, am léifsten och an der Natur, z.B. an de Stau, a sinn iwwerhaupt gären aktiv dobaussen. Am Summer sinn ech ëmmer fir eng Partie Ping-Pong, Bad-

minton oder Beach-Ball ze hunn. Am Wanter lieben ech et, Schlitt an Aisschong ze fueren. An ech liesen ganz gäer, wa meng Bee keng Loscht méi hunn, ze ditzen.

Wat géifs de gäre maache, fir dat s de awer keng Zäit fënns?

Cf. Meng Hobbyen: Den Nodeel vun deem fantastesche Beruff ass, datt en zimmlech zäitopwänneg a stresseg ka sinn, an dann ass fir dat anert net méi extra vill Plaz.

Wat bereis de?

Näischt, géif ech soen. Alles, wat ech gemeet hunn, oder eben och net, huet mech zu deem gemeet, wat ech elo sinn, an ännere kann ech de Passé jo souwisou net. Misst ech partout eppes nennen, géif ech soen: de Fait, datt ech an der Schoul kee Latinum gemaach hunn, mee dat stëmmt och net ganz, well dat Ganzt an der Sommervakanz innerhalb vun 2 Méint mat engem super Grupp vun anere jonke Gecke musen eranzepauken, déi esou naiv wéi ech waren a gemengt hunn, dat bréicht ee jo net méi „hautzedaags“, war och en eemolegt Erlefnis an huet Frëndschaften entstoe gelooss, déi ech haut nach pfliegen.

Wat géif s de an der Welt änneren, wann s de et kéints?

Um klenge Plang géif ech mer méi Versteesdemech ënnert eis all wënschen a manner séier Urteelen, ouni datt een d'Situatioun vun deem anere kennt. Um grouse Plang géif ech mer wënschen, datt méi Dialogbereitschaft herrscht an domat de Fridden erëm eng reell Chance hätt, mer méi responsabel mam Liewen ëmginn a mat onsem Planéit ganz allgemeng.



Weem géifs de mat wat fir enger Begrënnung eng Auszeechnung ginn?

Menge Kanner, well et bestëmmt net einfach ass, e Proff als Elterendeel ze hunn; an dann och nach e Philosproff...eieiei, mat deem doheem ze diskutieren, dat ass eng Challenge an se ginn et net op! Bravo dofir! Ausserdeem sinn si meng Muse fir meng Anschauungsbeispiller, wann ech mol muss eppes méi Komplizéiertes an der Klass erklären. Alles steet a fält mat engem gudde Beispill!

Wéi gesäis du d'Zukunft?

Voller Méiglechkeeten. Et ass eng geckeg Welt, a wann een dat unerkennt, doen sech eng ganz Rutsch Weeër an Dieren op. Et bleift villes ze maachen, also lass.

Wat fir 3 Saache géifs du matt op eng verloossen Insel huelen a firwat déi dote Saachen a keng aner?

Op éischer Plaz mäi Kassetterekorder mat engem gudde Mix aus: Musik aus aller Welt, e puer Evergreens queesch duerch d'Musiksgeschicht, Filmmusik a Piano, 60er a 70er Beat, an natierlech e puer Lidder gudde schrumpchen Heavy Metal.

E Crayon mat Gummi drun als zweet an en Tagebuch als drëtt: fir kreativ ze sinn, Texter a Biller zu Pabeier ze bréngen, Saache festzehalen, lasszeloossen, emzeänneren a weiderzetüftelen.

Wat beandrockt dech ëmmer erëm?

De Stärenhimmel: Wéi geckeg datt mir op enger Kugel sëtzen an engem risegen Universum mat dausenden, Milliounen anere Stären. A wann ech erop kucken am Summer denken ech: Wansinn! A wansinneg schéin!





Wouriwwer kéints de dech gréng a giel iergeren?

Leit, déi muttwëlleg Knascht hannerloossen.

Wéi kanns de am beschten entspanen?

Andeems ech e gudden Tour an d'Natur maache ginn.

Wouranner läit däin Talent?

Ech ka villes net schlecht, awer sou ee Super-Talent hunn ech net. Ech sinn éischer en Duerchschnëtts-Mënsch mat engem zimmlech groussen Häerz.

Wat iwwerléisst de léiwer deenen aneren?

Feinmotoresch Handaarbechte wéi Bitzen a

Strécken oder Änleches. Dat kann ech nu wierklech net gutt. De Knapp hält, mee do hält et och schonn op! Ech sinn en zimmleche Grobmotoriker, ausser wann et em d'Schreiw mat der Fieder geet.

Wat kanns de besonnesch gutt kachen?

Meng Kanner luewen emol meng Pasta Suta, Maccaronis-Gratin, Paschtéitchen, a bäi den hausmaacher Kniddele bleibt ni eppes Rescht fir an d'Pan den Dag drop, leider!

Nenn äis w.e.g. e Liewensmotto, deen der gutt gefält!

Mam Hutt an der Hand kënn's de duerch d'ganz Land. (Huet mäi Bopi ons ëmmer gesot)



Graffiti-Atelier am Internat (Abrëll bis Juni 2024)

Catherine Sauer
Educatrice graduée



Am Internat hate mir d'Iddi, eise Meedercher e Graffiti-Atelier unzebidden. Mam Olivier Potozec (Kënschtlernumm *Sader*) hu mir e professionelle Graffiti-Kënschtler fonnt, deen deen Atelier konnt halen. Aacht Meedercher duerften sech aschreiwten.

Am **1. Cours** kruten d'Meedercher eng Aféierung an d'Graffiti-Konscht: et ass kuerz gesot d'Konscht, säi (Kënschtler-)Numm op enger Surface dobaussen ze hannerloossen. No der Aféierung huet den Olivier de Meedercher gewisen, wéi e Graffiti, mat Tuschbicen op engem Blat Paabeier entsteet: als éischt schreift een den Numm (oder dat Wuert, dat ee schreiwe wëllt), mat einfache Linne mat enger heller Faarf vir, fir dass een duerno driwwer fuere kann. Duerno mécht een d'Buschtawe méi déck, da verännert een hir Form, et mécht een en Hannergrond, et moolt een alles faarweg, et zitt een d'Konturen no an et vervollstännegt een alles mat villen Detailer. No der Demonstratioun vum Olivier hunn d'Meedercher misse selwer probéieren, unhand vun engem kuerzen Numm, déi Aufgab ze meeschteren.



Am **2. Cours** hunn d'Meedercher am Haff op enger riiseger Zellophan-Folie, déi den Olivier ronderëm d'Beem gespaant hat, hir éischt Versich mat de Spraydouse gemaach. Si hu fir d'éischt einfach Linnen a Forme misse sprayen, fir dass si de richtegen Ëmgang mat der Spraydous kéinten erausfannen. Duerno konnten si lassleeën: Si sollten hir Initialien oder eenzel Buschtawen

a Graffiti-Manéier op d'Folie molen. Den Olivier huet hinnen iwverdeems ëmmer nees Ureegungge ginn a Verbesserungsvirschléi proposéiert.



Am **3. Cours** hunn d'Meedercher an den Olivier sech als éischt an der Stuff vum Internat versammelt fir Zeechnungen ze molen, déi si duerno am Haff op déi grouss Chantiersbaatsch sollte molen. Den Olivier huet all d'Zeechnungen an enger Skizz zesummegefaasst an de Meedercher ganz graff op der Baatsch virgezeechent, wou jiddferree seng Figur misst himolen.



Fir de **4. Cours** sollt jiddferen eng Zeechnung prett hunn, awer dës Kéier ouni sech eng Virlag um Internet ugekuckt ze hunn. D'Meedercher hatten hirer Fantasie fräie Laf gelooss. Och dësen Owend huet den Olivier nees all d'Zeechnungen an enger Skizz zesummegefaasst a ganz graff op engem anere Stéck vun der Chantiersbaatsch virgezeechent. Zum Schluss ass e Bild entstanden, e bësse wéi wann et enger Mäerchewelt entspronge wier.



De **5. Cours** war et dunn esou wäit: mir hunn eng Mauer am Haff attackéiert! D'Meedercher hunn sech mam Olivier zesumme gesat fir Iddien ze sammelen, wéi hiert Wierk sollt ausgesinn. D'Beem am Haff hunn si dozou inspiréiert, eppes mat Planzen a Blummen ze molen. Duerno hunn si sech mat de Spraydousen op der Mauer lancéiert: den Olivier huet nees eng Skizz virgezeechent, an d'Meedercher hunn hir Zeechnungen no an no vervollstännegt. No e puer Stonne konnten si houfreg virun hirem fäerdege Wierk poséieren.



Meenung vun e puer Internatsschülerinnen:

C. S.

De Projet "Graffiti" huet mär perséinlech mega Spaass gemaach, well mär onser Kreativitéit fräie Laf konnte loossen. Mär goufen d'lescht Joer gefrot, wéi eng Aktivitéite mär gär maache wéilten a mär hunn eis fir Graffiti entscheet, wouropshin ech frou war, dass dat och ugebuede ginn ass. D'Sprayen huet mär am beschte gefall, well eppes Neies entstanden ass, wat een net erwaart hätt. Et si ganz nei Saachen dobäi erauskomm, déi och mega flott ausgesinn hunn. An der Realitéit huet et anescht ausgesi wéi um Blat wéinst den Detailer, déi ee mat der Spraydous net konnt maachen.

Lina T.

Im Graffiti-Atelier habe ich sehr viel Spaß gehabt. Wir haben erst einmal mit Skizzen angefangen und diese dann auf eine „Testmauer“ gesprüht. Der Lehrer war sehr nett und hatte viel Geduld mit uns, da einige von uns am Anfang Schwierigkeiten hatten. Um abzuschließen, haben wir eine Mauer im Schulhof besprüht, da diese ein bisschen langweilig aussah. Alles in allem hat es sehr viel Spaß gemacht und das Ganze hat auch mal für Abwechslung gesorgt.

It's HIM



Marion Bollendorff
Bibliothekar

Däsen Artikel däerft et a mengen Aen iwverhaapt net ginn...

Firwat? Well en onnéideg ass, well den Auteur vun däsen Zeilen sech net ka virstellen, datt et Leit gëtt, déi net gäre liesen... a well en och net ganz versteet, wat passéiert ass...

Wou sinn d'Lieser hin? Wat ass am COVID passéiert? Virun allem, wat ass an de Käpp passéiert, et ass wéi wann sou munch Gehier vum Handy verschléckt gi wier. Ech kréien eng Depressioun, wann ech an der Paus an de Schoulhaff kucken, am Restaurant Eltere mat hire Kanner beobachten, ...



Verstitt mech net falsch, ech hunn och en Handy an och ech verbréng vill (ze vill) Zäit mat HIM. Ech nennen en HIM, well e gehéiert zu mir...

An däsen HIM ass fir vill Jonker, an och manner Jonker, quasi zu engem vollwärtigen Organ oder enger Verlängerung vun hirem Kierper ginn. Hélt een e wech, ass et, wéi wann een amputéiert gi wier, vital Funktiounen setzen aus, psychesch Krise ginn ausgeléist, en déift Lach deet sech virun engem op!

Jo, an dëst neit Organ iwverhëlt ëmmer méi Funktiounen vun eisem Gehier. HIM ass ëmmer prett, weess op bal alles eng Äntwert, an dat direkt, also keng Frustratioun, well Gedold ass schwierig, näischt fir „Direktere“ wéi mech. HIM weist mir de Wee fir heem an och bäi meng Frënn, HIM geréiert Famill an Hausdéieren. HIM geet och mat mir op d'Aarbecht, well ouni HIM keen Accès op mäi PC. Mat HIM trëppelen ech all Dag meng 10.000 Schrëtt, soss mécht hie mir e schlecht Gewëssen, mat HIM ginn ech geocachen, maache meng Bankgeschäfte an turmen op de soziale Medien. An do ginn ech magesch ugezu vun all méigleche Stories, Reels a

Waterdäiwel! Wonnerbar fir ofzeschalten, wonnerbar fir d'Zäit rëmzekeréien, schlëmm fir d'Gehier, schrecklech fir d'Fantasie...

An dann... setzen ech mech an de Bus, ech kann et bal net erwaarden, huele mäi Buch eraus, an dauchen an an eng Geschicht. Bal näischt ass mir esou wäertvoll wéi déi Momenter, an deenen ech ganz déif an der Geschicht dra sinn. Ech dréine mäin eegene Film (vill besser wéi d'Verfilmung am Kino herno), laachen, schuddere mech, fäerten a kräischen och alt emol. Esou hunn ech schon 1000 Liewe gelieft, 1000 Abenteuer erlieft an onendlech vill Dierfer, Stied a Länner duerchreest. Dat ka kee mir huelen, „meng Gedanken se fräi“, an ech ka menger Fantasie fräie Laf loosse. Eppes wat mäin HIM mir net ka bidden...

An dofir riichten ech op dëser Plaz en Opruff un lech Schüler a Schülerinnen, Professeren, Elteren, ...: gitt äre Kanner Bicher an d'Hand, liest äre klenge Geschwëster Geschichte vir, loosst äre Fantasie spillen.

Ouni weider op wëssenschaftlech Etude wëllen anzegoen, géing ech lech trotzdeem d'Buch vum Neurolog Michel Desmurges „Faites-les lire!: comment la lecture stimule l'intelligence de nos enfants“ un d'Häerz leeën. Fir hie mécht d'Freed um Liesen net nëmmen d'Diere vun der Fantasie grouss op, mä si ass och de Schlëssel zu schuleschem Erfolleg an domat, dee beschten Antidote géint eng digital a geeschteg Veraarmung!

KEEP ON READING



Throwback on a Magical Night

Den 3. Mee huet eis scho bal traditionell **Harry Potter Book Night** um Fieldgen stattfont, dëst Joer ënnert dem Motto „Magical Places“. Vun de Weasleys hirem Fuussebau an den Zuch op Hogwarts, vum Quidditch-Feld an d'Great Hall hunn eis Zauberschüler sech missen duerch verschidde Spiller kämpfen a Punkte sammelen. Dobäi goufe si vun Danz- an Theatertruppen aus der Schoul duerch den Owend begleet.

Um Enn konnt sech, wéi och schonn d'lescht Joer, *Slytherin* duerchsetzen an den Hauspokal mat heem huelen.



Op dëser Plaz géinge mir dann nach gären e puer Leit Merci soen, ouni déi d'Magie net kéint stattfannen:

- dem Service Technique fir d'Kulissen an d'Op- an Ofriichten
- de Käch an hirer Ekipp
- dem Kirsten Hoeijmakers fir säin impressio-nante faarwege Kuch
- dem Julie Steil fir seng magesch Muffins
- dem Nicole Brix fir d'Dekoratioun
- dem Marc-Alan Knepper, Marianne Lauer, Michelle Schreiber a Francine Wagener, eisen allerbeschten Hauslehrer
- dem Leila Koerperich fir d'Hëllef bäim Op-riichten an Dekoréieren
- dem Christine, dem Marc-Bernard, dem Myriam an dem Sergio, zesumme mat hire SchülerInnen, fir déi megafloft Theater- an Danzvirféierungen
- an all deenen, déi mir vergiess hunn

An hei nach e klengen Abléck an de magëschen Owend :



200 Jahre Beethovens Neunte!



Jean-Louis Reuter
professeur des sciences
économiques

Die Uraufführung von Beethovens Neunter Sinfonie findet am 7. Mai 1824 im Wiener Kärntnertor-Theater statt.

Beethoven ist zu diesem Zeitpunkt bereits eraubt. Schwerkrank, ist er nur als Gast anwesend und sitzt hinter dem Dirigenten. Die Sängerin Caroline Unger soll ihn nach der Aufführung umgedreht haben, so dass er den frenetischen Applaus des Publikums wenigstens sehen konnte. Es ist sein letztes vollendetes Werk der Gattung Sinfonien.

Von den Musikkritikern wird sehr gerne der Begriff „überwältigend“ benutzt, wenn von Beethovens berühmter 9. Sinfonie die Rede ist. Weiter lesen wir Adjektive wie „epochal“, „metaphysisch“, „mystisch“ oder „göttlich-erhaben“. Seit 2001 zählt die Partitur zum UNESCO-Weltdokumentenerbe „Memory of the World“. Die UNESCO begründet das so: „Sie ist eines der eindrucksvollsten und klanggewaltigsten Werke Beethovens. Ihr Einfluss auf die Musikgeschichte war im 19. und 20. Jahrhundert entscheidend und intensiv und nicht nur auf die Gattung der Sinfonie beschränkt. Im letzten Satz wurde zum ersten Mal die menschliche Stimme in eine Sinfonie einbezogen. Diese „Ode an die Freude“ (...) ist zu einem Symbol des Friedens zwischen allen Nationen und Völkern der Welt geworden.“ Mit der Deutung von Schillers Text in Richtung „Freiheit – Gleichheit – Brüderlichkeit“ ist sie universell einsetzbar; ein Auszug wird so zur Eurohymne.

Es ist ein Jugendtraum von Beethoven, Schillers „Ode an der Freude“ zu vertonen. Aus dem Text mit Revolutionsgeist, den Beethoven aber

abgeschwächt hat, da er von der Aristokratie finanziell unterstützt wird, ist über die Jahrzehnte hinweg bis heute wohl das weltweit bekannteste und meistgespielte klassische Werk geworden. Der Auftrag zu diesem Werk hat Beethoven von der Philharmonic Society aus London empfangen. Damals kursiert in Wien das Gerücht, dass Beethoven eventuell nach England ziehen will. So mobilisieren sich patriotische Kräfte, die dafür sorgen, dass wenigstens die Uraufführung noch in Wien stattfindet. Dem Ausland überlassen will man Beethoven ja doch nicht. Zu einer Übersiedlung nach England kommt es aber nicht.



Der revolutionär gesinnte Richard Wagner führt die Neunte 1849 in Dresden auf. Die Aufführung gerät zu einem Fanal am Vorabend der Revolution. Wagner soll später sein Konzept des Musikdramas ideologisch von diesem Werk herleiten.

Das Werk ist im Laufe des 19. Jahrhunderts allmählich zum bürgerlichen Werk geworden. Das revolutionäre Potential war verloren gegangen, ehe in den 1920er Jahren diese Tradition wiederbelebt wird.



OUVERT À TOUS ET SURTOUT À LA RÉUSSITE

Portes ouvertes sur rendez-vous et inscriptions

- Mardi 30 avril, de 16h à 19h30
- Samedi 4 mai, de 9h à 12h30

- Lycée d'inspiration chrétienne pour filles et garçons
- Enseignement classique et général (passerelles possibles)
- Nouvelle section: 4G-T2S (technologies, sport, santé)
- Accompagnement personnalisé
- Nombreuses activités extra-scolaires
- Taux de réussite élevé aux examens de fin d'études/bac
- Frais de scolarité: 180€/semestre
- Internat exclusivement pour filles

fieldgen 

Lycée privé classique et général

21 rue d'Anvers L-1130 Luxembourg

epf.lu // facebook.com/ecoleprivedefieldgen // 

2 écoles chrétiennes pour une même pédagogie moderne et innovante

Luxemburger Wort - 24 avril 2024

„Fieldgen“-Schüler zu Besuch beim Tageblatt



Wie der Alltag bei einer Zeitung aussieht – unter anderem das wollten vier Schülerinnen und Schüler des privaten Lyzeums „Fieldgen“ wissen. Gemeinsam mit Lehrerin Nadine Mettenhoven und Lehrer Sven Seidenthal statteten die jungen Menschen im Alter von 15 bis 17 Jahren der Redaktion des *Tageblatt* am Donnerstag einen Besuch ab. Im Rahmen der außerschulischen Aktivität „Journalismus“ konnten sie live dabei zusehen, wie eine Zeitung und ihre Webseite entstehen.

„Ich mag Journalismus und habe mich gefragt, wie das so ist“, erklärte Schülerin Eliel zur Frage, weshalb sie nach der Schule gerne bei dem Besuch dabei war. Anna erzählte, dass sie neugierig war, sich in einer Redaktion umzusehen, und dass sie gerne schreibt. „Ich wollte immer schon Journalistin werden und interessiere mich für Medien“, sagte Kelly. Alexander dagegen dreht gerne Erklärvideos und hat sich deswegen für die außerschulische Aktivität eingetragen. In Belval erhielten die jungen Menschen auch praktische Tipps zum Erstellen ihrer eigenen digitalen Zeitung. Das *Tageblatt* wünscht ihnen viel Spaß!

Foto: Editpress/Alain Rischard

(sas)

Tageblatt - 17 mai 2024



3G-PS



3G-SN



3G-SO1



3G-SO2



3G-SO3



6G1



6G2



6G3



6G4



6G5



6G6



6P1



6P2



7C1



7C2



7C3



7G1



7G2



7G3



7G4



7G5



7G6



7P1



7P2

Trait d'Union
Zäitschrëft
vun der
Ecole Privée Fieldgen

Redaktiounskomitee:
Christiane Genewo
Catherine Hollerich
Jérôme Rollinger
Andrée Schaus-Georges

Bestellen iwwer de
Konto bei der
BIL
LU74 0020 1336 1560 0000
Parascolaires-Fieldgen
21, rue d'Anvers
L-1130 Luxembourg

Layout:
Andrée Schaus-Georges

Drock:
print solutions sarl

Abonnementspräis:
8 € pro Joer

Ee grouse Merci un all déi,
déi un dëser Nummer
matgeschafft hunn.

Kontaktadress:
Trait d'Union
21, rue d'Anvers
L-1130 Luxembourg



Mir wënschen lech an Ärer Famill eng schéin an erhuelsam Sommervakanz

